N°4344
Entrée le 29.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.06.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Am Kader vun der Médecine scolaire gi fir Schüler:innen a Lëtzebuerger Primärschoulen a Lycéeë reegelméisseg medezinesch Kontrollen organiséiert. Dobäi kënnen, jee no Alter an Zort vum Bilan, och sensibel medezinesch Themen an ënner Ëmstänn intim Ënnersichunge gemaach ginn.

Mir gouf e Fall aus engem Lycée zougedroen, bei deem e Schüler sech bei enger medezinescher Kontroll net wollt ënnersiche loossen, notamment, well en net wollt, dass den Dokter him ënnert dem Slip manuell kontrolléiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Op wéi enger rechtlecher Basis ginn am Secondaire medezinesch Kontrollen am Kader vun der Medezin scolaire organiséiert, a wéi eng Ënnersichunge sinn dobäi, jee no Alter vum Schüler, virgesinn?

2. Kann e Schüler eng medezinesch Kontroll oder eenzel Deeler dovunner, notamment eng intim Ënnersichung, refuséieren?
   Falls jo, wéi eng Prozedur ass an esou engem Fall virgesinn, a gëtt tëschent mannerjäregen a volljärege Schüler ënnerscheet?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wéi ginn d'Eltere vun esou Kontrollen forméiert, notamment wann e Schüler eng Kontroll refuséiert oder wann eng Ënnersichung vun Intimberäich gemaach gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten